ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. September 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

De 4. September koum et zu engem sécherheetspoliteschen Tëschefall op der Stater Gare, deen an der Ëffentlechkeet fir vill Diskussioun gesuergt huet, well en Ausschnëtt deen iwwert e kuerzen Handysvideo publizéiert gouf, an den Aen vu ville Lëtzebuerger Bierger op en ze rigoréist Virgoe vun der zoustänneger Sécherheetsfirma higewisen hätt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Plainte goufen 2019 an 2020 wéinst Iwwergrëff op ëffentlech Personal virbruecht?
2) Kann d'Regierung eng tabellaresch Opstellung presentéieren, déi weist, wéi vill vun dëse Plainte vun Agente vun der Police, vum Personal aus Zuch a Bus (hei och vu Chauffeure vu private Firmaen, déi am Optrag vum Transportministère ëffentlech Linne fueren), Rettungsdéngschter souwéi Pecherte vun de Gemenge virbruecht goufen?
3) Kann d'Regierung eng tabellaresch Opstellung presentéieren, bäi wéi ville vun dëse Plainte verbal Iwwergrëff gemellt goufen a wéi se sech opdeelen (Beleidegung, Bedroung asw.) a wéi oft et sech ëm kierperlech Iwwergrëff gehandelt huet? Kann d'Regierung och hei déi an der Fro virdru genannten Déngschtkategorië preziséieren?
4) Kann d'Regierung eng tabellaresch Opstellung presentéieren, wéi vill Membere vum ëffentleche Personal wärend deene genannte Joren opgrond vu kierperlechen Iwwergëff hu missen hospitaliséiert ginn an och hei déi jeeweileg Déngschtkategorië preziséieren?
5) Kann d'Regierung elaboréieren, ob et an de Joren 2013 bis 2020 zu sou schlëmme kierperlechen Iwwergrëff op ëffentlecht Personal koum, datt déi betraffe Leit hire Beruff duerno net méi weider ausübe konnten? Wa jo, wéi vill der Fäll waren et an op wéi eng vun deenen genannten Déngschtkategorien entfalen se (respektiv wéi eng aner Zerwisser)?
6) Kann d'Regierung elaboréieren ob am Joer 2019 (virun der COVID-Pandemie) Plainte virbruecht goufen, well et zu Iwwergrëff op privat Sécherheetspersonal koum, dat bei ëffentleche Veranstaltungen am Optrag vu staatlechen Institutiounen am Asaz

war? Wa jo, kann d'Regierung preziséieren a wéi ville Fäll an ëm wéi eng Kategorië (verbal oder kierperlech) vun Iwwergrëff et sech dobäi gehandelt huet?

7) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi vill vun dëse Fäll duerch d'Justiz verfollegt goufen an a wéi ville Fäll et zu enger Verurteelung koum?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742